# Transport vu Prisonéier

'**eran, eraus ... an elo?**' ass ee Gruppement vun interesséierte Bierger déi sech puer Gedanken zum Thema '*Justiz a Strofvollzuch*' maachen.

Folgend Citatioun vum Pascal Ricquier, President vun der SNPGL, vum 18/03/19 huet eis dozou beweegt eis e puer Gedanken iwwert dëst Thema ze maachen : „*Et kéim ënner anerem zu Iwwerstonne vu Beamten, well d'Manager näischt hikriten, sot de SNPGL-President, dee sech och um Justizminister Felix Braz geriwwen huet, am Zesummenhank mam Transport vu Prisonéier, dee vu Giischtercher hätt sollen iwwerholl ginn. De Minister Etienne Schneider, de Police-Generaldirekter, d'Kollege Giischtercher wieren domadder averstane gewiescht a wollten dat esouguer…. mä de Minister Felix Braz wier stur bliwwen a wollt dat net. De Pascal Ricquier hofft dann, dass de Minister Braz eng Léisung fënnt, fir aus dëser Situatioun eraus ze kommen.*“

Mir wëllen an enger éischter Partie d'Situatioun hei ze Lëtzebuerg presentéieren an dann an enger zweeter Partie de Verglach mat eisen Nopeschlänner maachen.

## Partie 1 : D'Situatioun zu Lëtzebuerg

D'Grënn vun dësen Transporter si folgend : ee Prisonéier huet ee Rendez-vous um Gericht oder am Spidol, ee Prisonéier gëtt vun engem Prisong an een anere verluecht, asw.

Zanter dem 20 Juli 2018 seet den Artikel 20 vum neien Gesetz[1] : '*La Police assure l'extraction des personnes détenues aux centres pénitentiaires de Luxembourg et d'Uerschterhaff, ainsi que les transfèrements entre ces centres pénitentiaires.*'

Den Oflaf vun esou engem Transport[2] ass meeschtens folgenden : de Prisonéier gëtt vun engem Giischtjen aus senger Zell ofgeholl. De Giischtje mécht eng éischt Ënnersichung vun der Persoun – heibäi handelt et sech em eng '*fouille simple*[3]*.*'

Duerno gëtt de Prisonéier an ee Waardesall beim Greffier vum CPL bruecht. An dësem Waardesall setzen alt bis zu 10 Persoune – hei ass keen Giischtje fir opzepassen, mee et gëtt nëmmen duerch eng Kamera kontrolléiert. Et kënnt dofir och reegelméisseg zu Tëschefäll an dësem Waardesall.

Dann kommen d'Polizisten, déi sech em den Transport bekëmmere – et kënne bis zu 15 Poliziste sinn, mat 2-3 Camionnetten. All Prisonéier muss sech dann enger '*fouille intégrale*[4]' ënnerzéien déi duerch d'Polizisten an enger vun nëmmen zwou Kabinen duerchgefouert gëtt. Och wann déi meescht Polizisten sech Méi gi fir des Prozedur

[1] Loi du 20 juillet 2018 portant réforme de l'administration pénitentiaire

[2] Mir wëllen hei als Beispill een Transport bei d'Chambre de conseil ginn, wou iwwert eng Demande de libération privisoire vun engem Untersuchungsprisonéier entscheet gëtt. An der Moyenne ginn op esou eng Seance bis zu 10 Untersuchungsprisonéier gefouert. Den Oflaf fir all aner Transport ënnerscheed sech net wesentlech vun dësem.

[3] La fouille simple est réalisée au moyen d'une palpation du corps ou à l'aide de moyens de détection électronique sans que le détenu ait à se dévêtir partiellement ou intégralement - Loi du 20 juillet 2018 portant réforme de l'administration pénitentiaire : Article 38

[4] (…) La fouille intégrale consiste dans le contrôle visuel de la surface nue du corps, de l'intérieur de la bouche et des oreilles, ainsi que des aisselles et de l'entre-jambes du détenu - Loi du 20 juillet 2018 portant réforme de l'administration pénitentiaire : Article 38

esou menschenwürdeg wéi méiglech oflaafen ze lossen, ass et sëcherlech net agreabel sech virun zwee Leit ganz mussen auszedoen.

Hei ass eiser Meenung no een éischte **fundamentale Problem** : mir sin der Meenung dass esou eng systematesch '*fouille intégrale*' vun all Prisonnéier illegal ass. D'Gesetz vum 20 Juli 2018 seet ganz kloer : '*Une fouille intégrale, comportant l'obligation pour le détenu de se dévêtir partiellement ou intégralement, peut être ordonnée lorsque les moyens utilisés dans le cadre de la fouille simple sont insuffisants.*'

D'Ligue des droits de l'homme huet dëst och schons am Januar 2018 geschriwwen[5] : '*La Ligue souhaiterait que le législateur introduise une disposition donnant la priorité à l'usage de portiques à ondes millimétriques et réservant la fouille corporelle et la fouille intime aux cas où des fouilles par palpation ou l'utilisation des moyens de détection électronique seraient insuffisantes*.'

Mir gesinn net a firwat hei ee Prisonéier deen aus senger Zell kennt (wou hien jo theoretesch un näischt Geféierleches dierft kommen) an dee schonns eng ‚*fouille simple*' vun engem Giischtje gemaach krut, sech elo nach systematesch muss enger ‚*fouille intégrale*' ënnerzéien. Mir wëllen och ze bedenke ginn, dass et esou eng systematesch ‚fouille intégrale' an kengem vun eisen Nopeschlänner gëtt.

No deser '*fouille intégrale'* kritt all Prisonéier Handschellen ugeluecht. De Prisonnéier gët dann vun engem Polizist an eng Camionnette begleed. De Prisonnéier bleiwt de ganze Wee vum Transport mat den Handschelle gefesselt a leider gëtt de Prisonnéier net mat engem Secherheetsgurt ugestreckt.

Hei komme glaich **zwee fundamental Problemer** zesummen : éischtens, dass ee während dem Transport d'Handschellen ubehällt an zweetens, dass ee kee Secherheetsgurt huet.

An der '*fiche thématique*[6] *: Transport des personnes en détention*' vum Januar 2018 vum '*Comité européen pour la prévention de la torture et des peines ou traitements inhumains ou dégradants (CPT) – Conseil de l'Europe*' heescht et:

- *Tous les véhicules servant au transport de personnes en détention devraient être équipées de dispositifs de sécurité appropriées (tels que des ceintures de sécurité)*
- *Lors d'un transport, l'application de menottes et/ou de ceintures de contention ne devrait être autorisée que lorsque l'évaluation du risque dans le cas individuel concerné le nécessite clairement.*

Mir fannen et schons bedenklech, dass hei een Transport vu Prisonnéier vun der Police duerchgefouert gëtt, an et gët sech net un déi essentiell Regelen aus dem Code de la route gehaal : '*Le port de ceinture est obligatoire à l'avant et à l'arrière pour tous les occupants adultes et enfants, dans tous les véhicules*[7].'

---

[5] Avis sur le projet de loi portant réforme de l'exécution des peines (dossier parlementaire 7041) et sur le projet de loi portant réforme de l'administration pénitentiaire (document parlementaire 7042) - **page 29**
6 https://rm.coe.int/16808b631e - page 3
[7] Issu du dépliant ceinture de la Sécurité routière : http://www.securiteroutiere.lu/online/www/content/15/532/containerLeft/5509/2998/FRE/DépliantCeintureMàj2016.pdf

Den Pascal Ricquier, President vun der SPNGL, huet op der Generalversammlung vum 19 Mäerz 2019 gesot : , *D'Spëtzt hätt sech finanziell zerwéiert, géif sech awer net un d'Gesetzer halen, e Kritikpunkt, dee méi spéit nach emol erëmkoum*[8].'

Mir stelle fest, dass sech hei d'Polizisten aus der ‚*Unité de Garde et de Réserve Mobile (UGRM)*' och net un elementar Gesetzer halen. Mir wëlle weider betounen, dass de Chauffeur vun esou engem Transport d'Verantwortung huet fir dass seng ‚*Passagéier*' kee Sécherheetsgurt un hunn – mir ginn dovunner aus, dass net vill Polizisten sech dëser Situatioun bewosst sinn.

Wann een um Gericht ukomm ass, get de Prisonnéier vun engem Polizist un den Handschellen d'Traapen erop gezun an dann gëtt een an engem Wardesall mat enger Hand un eng Bänk ugestreckt. An deser Positioun waart een dann bis, dass een virun d'Chambre de conseil geruff gëtt. Mir wäerten an Zukunft eng Kéier méi Detailer iwwert dës Situatioun an dësem Waardesall ginn – mir wëllen elo just soen dass d'Mënschenonwierd hei definitiv net respektéiert gëtt.

Fir zréck an de Prisong setzt een erëm mat den Handschellen awer ouni Sécherheetsgurt an enger Camionnette – et gëtt een erëm beim Greffier vum CPL an dem Waardesall an dann kommen d'Giischtercher vum sengem Block ee sichen. Un sech steet erëm eng '*fouille intégrale*' un – dat heescht et deet een sech erëm plakeg aus virun zwee Leit an et gëtt erëm alles kontrolléiert. Glécklecherweis kennen d'Giischtercher hier Prisonéier a verzichte ganz oft dorops dass een sech ganz ausdoe muss.

Een aneren **fundamentale Problem** bei dësem Transport ass d'Situatioun vun der Police. Wéinst der Iwwerbelaaschtung vun der Police waren sech jo, laut dem Här Ricquier, all Acteur[9] eenz fir, dass eben des Transporter net méi vun der Police sollen duerchgefouert ginn, mee ebe vun de Giischtercher – sou wéi et an eisen Nopeschlänner och ass.

An enger parlamentarescher Fro[10] schwätzt den Deputéierte Fernand Kartheiser vu '*enger onverhältnesméisseger Belaaschtung vun der Police Grand-Ducale*.'

D'gemeinsam Äntwert[11] vum Här Félix Braz, Justizminister, a vum Etienne Schneider, Minister fir bannenzeg Sécherheet, verdéngt et fir bëssi méi am Detail ze kucken:

- *Fir d'Joer 2017beleeft sech den Total vun de Gefaangenentransporter déi vun der UGRM gemaach gi sinn op 4.391*.

Wann een des 4.391 Transporter pro Dag rechent dh mat 250 Schaffdeeg – dann kennt een op 17 esou Transporter pro Dag.

---

[8] https://www.snpgl.lu/2019/03/20/presse-rtl-lu-dat-schuet-dem-bild-vun-der-police-an-menschlech-enttaeuschung/

[9] Citation Pascal Ricquier, Preisent SNPGL : ‚De Minister Etienne Schneider, de Police-Generaldirekter, d'Kollege Giischtercher wieren domadder averstane gewiescht a wollten dat esouguer'

[10] https://chd.lu/wps/PA_ArchiveSolR/FTSShowAttachment?mime=application%2fpdf&id=A63CF197C10DCAE31C5884CE71AC19C9$E49805E7D0AAE12CE2D5C5BC986C9346&fn=A63CF197C10DCAE31C5884CE71AC19C9$E49805E7D0AAE12CE2D5C5BC986C9346.pdf

[11] https://chd.lu/wps/PA_ArchiveSolR/FTSShowAttachment?mime=application%2fpdf&id=6CD5A32B52A0CBC30E3D7B645EFCDB35$A7E47A6688BD310E77AD82F0FB7647E9&fn=6CD5A32B52A0CBC30E3D7B645EFCDB35$A7E47A6688BD310E77AD82F0FB7647E9.pdf

- *Unhand vun enger theoretescher Berechnung mécht de Gefaangenentransport an d'Garde vun de Prisonnéier an de Spideeler, Infomatioune vun der Policedirektioun no, eng Aarbechstzäit vu 24 Polizisten aus. (...) et misst een, der Policedirektioun no, fir allen Imprevuë Rechnung ze droen, viiraussichtlech eng Verstäerkung vun 10 Beamten envisagéieren.*

Et wäerten also ab 2019 ongeféier 34 Polizisten sech hei am Land just domadder beschäftege fir d'Prisonéier ze transportéieren. Ze Bedenken ass natierlech dass den CPU (Centre pénitentiaire Ueschterhaff) eréischt fréistens 2022 wäert opgoen, wat jo een zousätzlechen Effektiv wäert verlaangen.

Mir fannen et schonns bedenklech, dass de Minister Félix Braz hei eng Positioun vertrëtt déi et soss néierens an Europa gëtt an déi och vun all aner concernéierten Acteur ofgeleent gëtt.

Mir sinn der Meenung, dass dës 34 Poliziste besser am klassesche Policedingscht sollte schaffen, wéi zum Beispill am Domäne vun der Präventioun an, dass den Transport vun de Prisonéier vun de Giischtercher soll iwwerholl ginn. D'Haaptargument ass natierlech, dass d'Giischtercher d'Prisonéier besser kenne wéi d'Polizisten an dass doduerch verschidde Problemer, wéi eben eng mënschenonwierdeg Prozedur, kenn evitéiert ginn. Dobäi kënnt dass vill Prisonéier keng ganz gutt Erënnerung un d'Police hunn – ob berechtegt oder net, spill an dësem Kontext kéng Roll.

## Partie 2 : De Verglach mat eisen Nopeschlänner

D'Reegel ass an eisen 3 Nopeschlänner déi selwecht : de Gros vun de Gefaangenentransporter gëtt vu speziell forméierte Giischtercher gemaach an d'Police intervenéiert just bei deene méi schwierege Fäll.

**Frankräich**[12] : L'exécution des réquisitions d'extractions et de transfèrements judiciaires - c'est-à-dire, émanant de l'autorité judiciaire - ainsi que des ordonnances accordant une permission de sortir sous escorte est une mission qui était auparavant confiée exclusivement aux services de police et de gendarmerie.

À la demande du ministère de l'Intérieur, dans une logique de recentrage de ses effectifs sur leur « cœur de métier », le transfert de cette mission au ministère de la Justice a été acté par décision interministérielle du 30 septembre 2010.

Des personnels pénitentiaires ont été spécialement formés au transport de détenus dans les zones concernées et doivent, à terme, effectuer l'intégralité de ces missions, sur tout le territoire national.

**Däitschland[13]** : Hei ass et déi bekannte '*Gefangenentransportvorschrift (GVT)*' déi alles reegelt. An Däitschland ass den Prinzip dee selwechte wéi am

[12] https://www.union-syndicale-magistrats.org/web2/themes/fr/userfiles/fichier/reserves/npj/npj414/8NPJ414.pdf
[13] http://www.gesetze-bayern.de/Content/Document/BayVwV153959

Frankräich  d'Giischtercher iwwerhuelen den Transport a ginn just an Ausnamefäll vun der Police ënnerstëtzt.

Hei den Extrait aus der GVT : '*Transportbehörden sind: a) beim Einzeltransport die Justizvollzugseinrichtungen oder Polizeidienststellen, b) beim Sammeltransport die im „Kursbuch für den Gefangenensammeltransport" bei den einzelnen Umläufen bekannt gegebenen Justizvollzugseinrichtungen oder Polizeidienststellen, c) beim Sondertransport besonders beauftragte Justizvollzugseinrichtungen oder Polizeidienststellen.*'

**Belsch**[14] : Och an eisem klengsten Nopeschland bekëmmert d'Police sech net ëm den Transport vun de Prisonéier – d'Ligue des droits humains schreiwt am Dossier '*Le transfèrement des détenus en Belgique : bref état de la question*' :

'*Ce sont généralement les membres du Corps de sécurité, organe fédéral de la direction générale des établissements pénitentiaires (DG EPI, elle-même entité du Service Public Fédéral Justice), qui ont comme prérogative de procéder aux transfèrements de détenus en Belgique. Ainsi, les agents du Corps de sécurité sont intégrés dans les zones de police locale et déchargent les services de police de missions qui ne sont pas à proprement parler des missions de police, soit la sécurité et la surveillance lors du transport des détenus entre les prisons et entre les prisons et les cours et tribunaux ainsi que le maintien de l'ordre dans les cours et tribunaux.'*

Mir stellen also fest, dass sech an all eisen Nopeschlänner d'Police net em den Transport vun de Prisonéier bekëmmert, ausser a spezielle Fäll.

---

Eis Fuerderunge am Kontext vum Transport vun de Prisonéier si folgend:

① D'Ofschafe vun der systematescher '*fouille intégrale*' bei all Prisonéier bei all Entrée a Sortie vum CPL.

② D'Anhale vun de Reegele vum '*Comité européen pour la prévention de la torture et des peines ou traitements inhumains ou dégradants (CPT)*' an vum Code de la route: keng Handschelle wärend dem Transport an ee Sécherheetsgurt fir all Prisonéier wärend dem Transport

③ D'Giischtercher sollen den Transport vun de Prisonéier iwwerhuele – ausser a ganz spezielle Fäll.

## eran, eraus an elo?

---

14 http://www.liguedh.be/themes/prison/